2 200 Euro fir d'Kannerduerf

D'Mierscher Musek gëtt Erléis vu Concert weider

D'Sue koume bei engem Benefizconcert zesummen.

Miersch. Viru Kuerzem hunn de President vun der Mierscher Musek, a Begleedung vu sengem Komitee, der Madame Karin Kiesendahl vun der Fondatioun Lëtzebuerger Kannerduerf ee Scheck vun 2 200 Euro iwwerreecht. Dës Spent kënnt aus dem Erléis vum Benefizconcert, deen d'Mierscher Musek am Abrëll zesumme mat der Harmonie Victoria Téiteng am Mierscher Kulturhaus gespillt huet.

Mierscher Musek Asbl
via mywort.lu